LW 24/03/2021

De Leit op der Strooss eng kleng Freed maachen

D'Schoulkanner aus der Gemeng Helperknapp hu sechs Këschte Séisses gespent

D'Séissegkeete goufe vun der Elterevereenegung un d'Stëmm vun der Strooss iwwerreecht.

Bruch. Och zu Lëtzebuerg ginn et vill Leit, deenen et net esou gutt geet, an déi sech iwwer e puer Schneekegkeete freeën. An deem Sënn hat d'Elterevereenegung aus der Gemeng Helperknapp dëst Joer via e Flyer zu enger Spendenaktioun opgeruff.

Den 11. an 12. Mäerz stoungen an all Schoulgebai vun der Gemeng Helperknapp eng grouss Këscht, wou d'Schoulkanner hir Séissegkeeten, déi si ze vill haten, konnten dra leeën.

Dëser Deeg war et dann esou wäit. Déi gesammelt Liewensmëttel si beim Festsall An der Koll vun der lokaler Elterevereenegung mat hirem President Luc Scholtes un de Marc Balthasar, Vertrieder vun der Vereenegung Stëmm vun der Strooss, iwwerreecht ginn. Mat engem grousse Merci huet de Marc Balthasar déi sechs gefëllte Këschte mat Séissegkeeten entgéintgeholl an duerno d'Aktivitéite vun der Stëmm vun der Strooss kuerz virgestallt. D'Vereenegung beméit sech haaptsächlech drëm, d'Leit op der Strooss ze ënnerstëtzen an hinnen och eng ëmmer mol nees eng kleng Freed ze maachen.

Charles Reiser via mywort.lu